N°8245
Entrée le 21.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.08.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 21. August 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

2019 hat de Laboratoire National de Santé (LNS) am Zesummenhang mat dem informateschen Helpdesk eng ëffentlech Ausschreiwung gemaach. Den Zouschlag krut deemools d'Firma „Abakus-IT-Solutions". Fir de prakteschen Oflaf vun der Ausschreiwung hat den LNS op en externe Beroder zréckgegraff. Dëse Beroder soll laut dem Online-Portal „Reporter" um Text vun der „offre public" matgeschriwwen hunn an och um Auswielverfare bedeelegt gewiescht sinn. Weider heescht et am Artikel, de Beroder hätt vun Ufank un eng Präferenz fir d'Firma Abakus gehat an hätt sech mam Direkter iwwert d'Offer ausgetosch. Mëttlerweil soll den LNS selwer eng Untersuchung gemaach hunn. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Gesondheetsministesch stellen:

- Kann d'Regierung confirméieren, datt den externe Beroder vum LNS 2019 d'Offer vun der Firma „Abakus-IT-Solutions" mam Direkter vun der Entreprise ofgeschwat huet?
    - Wa jo, wat fir Konsequenze wäert des Ofsprooch hunn?
    - Gëtt d'Firma „Abakus-IT-Solutions" vun der neier Ausschreiwung, déi virun zwou Wochen ausgelaf ass, ausgeschloss?
- Aus wat fir Grënn ass 2019 bei der Ausschreiwung op en externe Beroder zréckgegraff ginn?
    - Wéi vill hunn d'Servicer vum externe Beroder kascht?
    - Goufen 2019 3 Offeren ugefrot?
    - Wéi eng Moossnamen huet den LNS 2019 ergraff, fir sécherzestellen, datt keen Interessekonflikt beim externe Beroder géif virleien?

- Kann d'Regierung confirméieren, datt den LNS selwer am Kontext vun der Ausschreiwung vun 2019 eng Untersuchung an d'Weeër geleet huet?

    - Wa jo, wat koum bei der Untersuchung eraus?
    - Wat huet den LNS beweegt, fir haut eng Untersuchung zur Ausschreiwung vun 2019 ze maachen?

- Wéi vill Ausschreiwungen huet den LNS iwwer déi lescht 5 Joer gemaach a wéi vill goufen der vun externe Beroder begleet?
- Ginn et Richtlinnen, wéini en externe Beroder kann ageschalt ginn?
    - Wa jo, sinn déi an all Fall agehale ginn?
    - Wa nee, firwat goufen se net agehalen?
- Ass bei der aktueller Ausschreiwung op déi fréier Ausschreiwung zeréck gegraff ginn?
    - Wa jo, wëll den LNS un der aktueller Ausschreiwung festhalen oder gëtt dru geduecht, fir se ze annuléieren an eng nei ze lancéieren?

- Wat wëllt d'Regierung maachen, fir Ofsprooche bei ëffentlechen Ausschreiwungen an Zukunft ze verhënneren?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Diane Adehm**

Deputéiert

N°8245
Entrée le 07.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°8245 vum 21. August 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madame Diane Adehm**

Am Joer 2019 huet den Laboratoire national de santé (LNS) sech vun engem externe Consultant begleede gelooss wéinst sengen speziellen Kompetenzen am Beräich "marchés publics". Dësen Kontrakt war bei 12.000 EUR plafonéiert[1].

2023 huet dee selwechte Beroder den LNS nach emol begleet am Kader vum Renouvellement vun dësem Marché public.

Den 26. Juli 2023 huet ee Journalist ee potentielle Interessekonflikt gemellt am Zesummenhang mam „Service Desk" vum LNS, wourops hin an de Méint August a September 2023 eng intern Enquête duerchgefouert gouf, déi erginn huet dass dee Consultant un der Finalisatioun vun der Offer vun Abakus fir de Marché public vun 2019 matgeschafft huet. Dee concernéierte Consultant huet schrëftlech deklaréiert, keng intern a confidentiel Informatioune weiderginn ze hunn déi d'Offeren vun Abakus an iergend enger Form beaflosst hätten. Den LNS hat des Informatiounen net zur Verfügung an Abakus konnt deemno vir 2023 net vum Marché public écartéiert ginn.

Den LNS ass der Meenung dass de concernéierte Beroder seng Kontakter zu Abakus hätt misste vun Ufank u matdeelen, an net réischt 2023. Dat selwecht gëllt och fir Abakus. Säit engem Joer mécht den LNS eng strukturéiert Kontroll betreffend méiglechem Interessekonflikt tëschent de jeeweilege bedeelegten Firmen un Marchéen.

Et sief nach erwänt, dass, nodeems all d'Offeren ausgewäert goufen, Abakus de Marché public net attribuéiert krut.

Lëtzebuerg, den 7. November 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert

[1] un montant inférieur au seuil d'exigence de trois offres (conformément à l'article 20 (1) a) (livre I) de la loi du 8 avril 2018 sur les marchés publics).